n° 3307

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden.

Mengen Informatiounen no sollen am Laf vum Januar 2021 eng ganz Rei Servicer wéi den SNJ, de Script oder nach den Office National de l'Enfance aus hiren aktuelle Raimlechkeeten an e Gebai a Clausen plënneren dat am Moment eidel steet. An dësem Gebai wieren haaptsächlech Open Space/Groussraumbüroen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung dës Informatioune bestätegen?
- Wa jo, deelt d'Regierung d'Meenung datt et am Moment net onbedéngt opportun ass a Groussraumbüroen ze sëtzen?
- Wa jo, wat heescht dat fir d'Mataarbechter vun de genannte Servicer?
- Besteet d'Méiglechkeet datt déi Servicer réischt zu engem spéideren Zäitpunkt an daat nei Gebei plënneren?
- Wann nee, wéi eng Mesurë gi getraff fir d'Mataarbechter ze schützen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro Nr. 3307 vun der honorabeler Madame Deputéiert Martine Hansen**

- D'Regierung bestätegt, datt tëscht Januar a Mäerz 2021 d'Directions générales vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE), de Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT), d'Direktioun vum Office national de l'enfance (ONE), an eng Partie Servicer vum Service national de la jeunesse (SNJ) a Clausen plënnere wäerten. Déi Gebaier a Clausen goufen dem Minister vun der Commission des loyers vum Finanzministère proposéiert a ginn aktuell bannen nei amenagéiert fir de Besoine vum MENJE a senge Servicer ze entspriechen.

- D'Gebaier a Clausen sinn haaptsächlech "Open space". Domat wäerten d'Servicer vum Educatiounsminister an änleche Konditioune schaffe wéi elo schonn eng Rei aner staatlech Verwaltungen, déi och an esou engem Typ Bürosgebai ënnerbruecht sinn. Och an deene Gebaier wou de MENJE a seng Servicer aktuell ënnerbruecht sinn (Aldringen, Verluerekascht, Walfer, Gare) sëtzen d'Leit net all an Eenzelbüroen a mussen sech der sanitärer Situatioun upassen. Den Infektiounsrisiko besteet laang net eleng an de Büroe selwer, mee och ronderëm d'Aarbecht (Iessen, Transport). Duerfir gëtt och elo scho vill op den Teletravail zeréckgegraff fir d'Risike méiglechst kleng ze halen.

- D'Gebaier a Clausen hu modern technesch Installatiounen, dorënner eng Ventilatioun mat 100 % Frëschloft. Et ass dësen Typ Ventilatioun, deen de Ministère de la Santé an dësem Moment recommandéiert. Zousätzlech dozou, si gréisser Raim a méi kleng Ilôten ënnerdeelt, déi jeeweils duerch héich Schief getrennt sinn. Innerhalb vun engem Ilôt, deen tëscht véier an aacht Mataarbechter huet, sinn d'Aarbechtsplazen, déi vis-à-vis sinn, duerch Panneaux acoustiques ofgetrennt a säitlech duerch erhéichte Caissonen. D'Mataarbechter sëtzen also net ze enk zesummen an hunn och e kloer ofgegrenzten Aarbechtsberäich.

  Dobäi kënnt, datt esoulaang de MENJE méiglechst vill op den Teletravail zeréckgräift, d'Büroen net voll besat wäerte sinn.

- D'Plënneraktioun no hanne verleeën ass net méiglech, well déi Flächen, déi duerch d'Plënnere fräi ginn, fir aner Servicer, déi aus anere Gebaier eraus mussen, gebraucht ginn.

- D'Moosnamen fir d'Mataarbechter ze schütze sinn déi selwecht wéi an den aktuelle Gebaier. Et gëtt méiglechst vill op den Teletravail zeréckgegraff, et gëtt duerfir gesuergt, datt d'Büroe manner staark beluecht si wéi am Normalfall an d'Reunioune fannen gréisstendeels iwwer Videokonferenz statt. Dobäi kommen déi aner üblech sanitär Mesuren (Masken undoen, wann een zirkuléiert, Gebrauch vun Desinfektiounsléisungen, asw.).